

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Regierung deelt reegelméisseg Zuelen a Statistiken zur Corona-Situatioun zu Lëtzebuerg mat. Sou ginn de Leit ënner anerem an der Santé hirem Wocheblick a Bezuch op Covid19 spezifesch Informatiounen vermittelt. Et sinn awer ëmmer nees Detailfroen, déi sech stellen, an déi sech aus den opgefouerten Zuelen a Statistiken net beäntwert loossen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froen stellen:

- 1) Mëttlerweil sinn zu Lëtzebuerg méi wéi 97.000 positiv PCR-Tester gemaach ginn.
  - a) Wéi vill net geimpfte Persounen goufen op d'mannst eemol op en Neits positif getest - woubäi dat positiv Resultat vun de PCR-Tester zäitlech wäit genuch ausernee loun, datt ee vun enger neier Infektiounen ausgoe kann, an net vun derselwechter?  
  
Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, déi net geimpft sinn, hu mussen hospitaliséiert ginn?
  - b) Wéi vill Persounen goufen als net geimpfte Persoun positiv getest an no enger Covid-Impfung op en Neits positif getest?  
  
Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, hu mussen hospitaliséiert ginn?
- 2) De Leit gëtt matgedeelt, wéi vill Neiinfektiounen festgehale gi sinn a wéi den Inzidenztaux sech hei weist. Dobäi gëtt dann och tëscht vollstänneg geimpfte Persounen an net geimpfte Persounen differenzéiert.
  - a) Ass d'Madamm Minister gewëllt, de Leit zousätzlech matzedeelen, wéi vill vollstänneg geimpfte Persounen a wéi vill net geimpfte Persounen jee weils getest gi sinn, onofhängeg vum Resultat?
  - b) Wier et net sënnvoll, d'Inzidenz fir geimpften an net geimpfte Persounen separat ze kucken, also den Taux vu positiven Tester bei geimpfte Persounen an den Taux vu positiven Tester bei net geimpfte Persounen?

- 3) Am Reegelfall gëtt den Impfstatus vu Persounen, déi un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, net matgedeelt. Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill Persoune bis haut un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, déi
- zum Deel geimpft waren;
  - vollstänneg geimpft waren;
  - scho mam Booster geimpft waren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5434 vum 24. Dezember 2021 vun honorabelen Députéierten Här Jeff Engelen.**

1) Mëttlerweil sinn zu Lëtzebuerg méi wéi 97.000 positiv PCR-Tester gemaach ginn.

a) Wéi vill net geimpfte Persounen goufen op d'mannst eemol op en Neits positif getest - woubäi at positiivt Resultat vun de PCR-Tester zäitlech wäit genuch ausernee lounq, datt ee vun enger neier Infektiounen ausgoe kann, an net vun der selwechter? Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, déi net geimpft sinn, hu mussen hospitaliséiert ginn?

Bis den 24. Januar 2021 goufen 6.624 Réinfektiounen festgestallt, d.h. Leit déi zwee positiv PCR Tester opweisen déi op mannst 90 Deeg ausernee leien. Dës Zuelen, déi däitlech méi héich sinn wéi nach virun e puer Wochen (cf. Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5320), deiten dorop hin datt d'Omicron Variant sech méi schnell iwwerdréit och bei Leit déi schonn op eng virecht Variant positiv getest ginn waren an als geheelt gëllen.

Déi national Krisencellule huet den 18. Januar festgehalen datt an Zukunft och d'Zuelen vun den Réinfektiounen iwwerwaacht sollen ginn. Den Service Monitoring vun der Gesondheidsdirektioun ass am gaangen ze kucken wat fir eng Informatiounen am Respekt vum legalen Kader vum Dateschutz am Zesammenhang mat den Réinfektiounen analyséiert kënnen ginn (Impfstatus, Hospitalisatioun etc.) an wäert en deementspreechenden Outil en place setzen sou datt dës Zuelen an Zukunft och mat an den deeglechen Rapport afléissen kënnen.

b) Wéi vill Persounen goufen als net geimpfte Persoun positiv getest an no enger Covid-Impfung op en Neits positif getest? Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, hu mussen hospitaliséiert ginn?

Cf. Äntwert op d'Fro 1a.

2) De Leit gëtt matgedeelt, wéi vill Neiinfektiounen festgehale gi sinn a wéi den Inzidenztaux sech hei weist. Dobäi gëtt dann och tëscht vollstänneg geimpfte Persounen an net geimpfte Persounen differenzéiert.

a) Ass d'Madamm Minister gewëllt, de Leit zousätzlech matzedeele, wéi vill vollstänneg geimpfte Persounen a wéi vill net geimpfte Persounen jee weils getest gi sinn, onofhängeg vum Resultat?

Am Moment ass net virgesinn bei den Zuelen vum Testing en Ënnerscheed ze maachen bei den Leit déi sech testen loossen zwëschen den Leit déi vollstänneg geimpft sinn an den Leit déi net geimpft sinn. Et geet een allerdéngs dovunner aus, datt geimpfte Leit just nach en PCR Test maachen wann si Symptomer vun enger Covid-Infektioun hunn oder en Test brauchen fir ze verreesen. Bei den net geimpfte Leit ass en Deel vun Tester och op dat néidegt Testresultat am Kader vum 3G op der Aarbechtsplaz zeréckzeféieren, quitte datt den gréissten Undeel vun Tester déi am Kader vum 3G néideg sinn, Schnelltester sinn.

b) Wier et net sënnavoll, d'Inzidenz fir geimpften an net geimpfte Persounen separat ze kucken, also den Taux vu positiven Tester bei geimpfte Persounen an den Taux vu positiven Tester bei net geimpfte Persounen?

D'Moyennë op 7 Deeg vun der Inzidenz ginn an den wöchentlichen Rapport deen op [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu) ze fannen ass publizéiert. Um Site [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu) ass och en Grafik „Taux d'incidence des personnes testées positives selon le statut vaccinal“ opruffbar.



3) Am Reegelfall gëtt den Impfstatus vu Persounen, déi un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, net matgedeelt. Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill Persoune bis haut un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, déi

- zum Deel geimpft waren;
- vollstänneg geimpft waren;
- scho mam Booster geimpft waren?

Zënter dem Ufank vun der Pandémie bis den 24. Januar 2022 sinn 945 Covid-19 Doudesfäll gemellt. D 'Donnéeën iwwer den Impfstatus vun den verstuerwenen Leit ass aktuell net disponibel. Et sinn awer Iwwerleeungen am gaangen fir dës zousätzlech Informatioun mat an deeglechen Rapport ze publizéieren.

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2022

D'Gesondheetsministesch  
(s.) Paulette Lenert